PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

An der Nuecht vum 22ten op den 23ten Juli war d'Creos Affer vun enger Cyberattack. De Grupp "Alphv" huet d'Attack fir sech revendiquéiert. An hirer Matdeelung loossen se wëssen, dass si sensibelt Material ewéi Kontrakt- a Passdate geklaut hätten an dës publizéiere wëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Si bei dëser Attack effektiv perséinlech Informatioune vun den Hacker geklaut ginn? Waren hei och Kontonummeren dobäi?
2. Wa jo, ass dem Ministère bekannt, ob dës Date veröffentlecht goufen?
3. Ass d'CNPD iwwert dës Cyberattack informéiert ginn? Wa nee firwat net?
4. Sinn d'Clientë vu Creos iwwert dës Attack, respektiv iwwert d'Fuite vun hiren Date vu Creos informéiert ginn sou wéi den RGPD dat firgesait? Wa nee firwat net?
5. Wéi ass dës Cyberattack zu stane komm a goufen dës Schwaachpunkte mëttlerweil besäitegt?
6. Wéi eng Moossname ginn en place gesat, datt déi betraffe Cliente keng negativ Konsequenzen dovunner hunn (Identitéitsklau, onerlaabte Bankofbuchungen,...)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député